**Ons Gesetzgebung iwert d'Fréizeitegpensionnéierung vun den Nazi-Affer an hir praktesch Uwendung**

Leiw Nolauschterer!

Als Vertrieder vun den edf an der Chamber, hun ech et als noutwendeg fond, dës Sendung ze notzen fir iwert ons Gesetzgebung bei fréizeiteger Pensionnéierung vun den Nazi-Affer an hir praktesch Uwendung ze schätzen. Nämlech emmer erem stéisst én op falsch Opfassungen ~~vun~~ zu dëse Gesetzer, verkéiert Interprétatiounen, onsachgeméiss Décisiounen awer och op Onkentness vun de Betraffenen selver.

Et siew dofir kuerz zeréckgeblend: Den 26. März 1974 gouw e Gesetz gestëmmt dat e Pensiounszouschoss firgeseit, fir Nazi-Affer déi fréizeiteg eng Invaliderent bezéien oder am Fal wo sie fréizeiteg gestuewe sin. Dëst Gesetz ass zwar obt d'Beschreiwen vun der Fédératioun vun den edf, a no langjähregem an ...éiem Asatz zustane kom, mä huet awer nët der Virstellungen vun dëser Fédératioun entsprach. D'Vertrieder vun den edf hate sech aner gesetzlech Bestëmmunge virgestallt an zwar, ob Grond vun hirem Gesonhétszoustand, ~~haptsächlech als Spéidfolgen vun der Zwangsverschléfung~~, ware sie der Ménung dass et jidder Nazi-Affer soll freigestallt sin 5 Joer éischter a Pensioun ze goen. Dës 5 Joer hate sech ergin op Grond vun den medizinischen Feststellung, esouwuel an onsem Land wéi och an den Nopeschlänner. No onser Opfassung war a wär och nach haut dës Léisung déi Bescht gewiescht. De Gesetzgeber huet awer dës Usicht nët gedélt an huet amplatz am Gesetz vum 26. März 1974 festgehalen, dass wann d'Bedingungen fir Recht op eng Invaliderent erföllt wären, da géiw de Staat dem Nazi-Affer enner bestëmmten Viraussetzungen, Differenz teschend enger Invalidepensioun an der Alterspensioun als Zouschoss ~~der Invalidepensioun~~ beigin. An zwar dest égal wéi fréizeiteg des Invalidepensioun géiw ~~stattfannen~~ erfalen. Et kennen a konnten also gerad esou gud 10 a 15 Joer sin wéi och nemmen 1 oder 2 Joer. Ech well also heimadden nach eng Kéier ganz kloer an deitlech ennerstreichen dass déi vun den edf envisagéiert 5 Joer ni Gesetz si gin an dofir och nach nie an och nach haut weder eng Roll nach e Recht bei fréizeiteger Pensionnéierung spillen oder brén-gen. Leider kommen haut nach emmer Interessenten déi wellen dës 5 Joer an irgend én Zesummenhang bréngen. Dat ass falsch.

Nemme richteg ass, dass fir d'éischt d'Recht op eng Invaliderent gesprach muss gin. Dann kennt automatesch den Zouschoss derbei, wann én Nazi-Affer war, a wann én ~~bis zur~~ no der Verbesserung vum 14. Juli 1981 ~~vun dësem Gesetz, den vun 1974, den 14. Juli 1981,~~ é mindestens 3 Méint verschléft war. Also am Kloertext: Et muss én Invalid sin a mindestesn 3 Méint fort gewiescht sin. ~~Zenter dem Verbesserung vum 14. Juli 1981: Nach emmer muss en Invalid erklärt sin an elo Mindestens 6 3 Méint fort.~~ Wat héscht elo Invalid sin?

Vir d'éischt emol "Invalid sin", no de Bestëmmungen vum Gesetz vun 1974.

II

2,15 min

Den Dr huet ons elo gesot wat momentan d'Conditiounen si fir kennen a Pensioun ze goen. Ech well awer op dëser Platz och émol drop hiweisen a besonnesch dest fir déi ~~xxxx~~ nët direkt Interesséiert, also fir déi jenger Generatiounen, dass dës Gesetzgebung zwar am Intérêt vun den Naziaffer ass, mä dass awer ké sech soll virstellen dass all Nazi-Affer begeschert ass fir vun dësem Avantagen mussen ze profitéieren. Au contraire et ass vill besser kennen mat ~~dëser~~ gudder Gesondhét ze lieven wéi fréizeiteg Invalid ze sin. Dass nämlech trotz all dëse Versich den Liewensowend vun den Zwangsverschléften e bessen ze verlängeren dest nët emmer geléingt, geht aus déne nostoenden Zuelen erfir:

Ewo sin vum 1 Januar desh Joer bis elo de 15ten Abrel ~~...~~ 71 Zwangsrekrutiert Jongen an 31 Fraen vun de Joergäng 1920 bis 1927 gestuerwen. D'lezth Joer, also 1981 waren et an déer selwechter Zeit nemmen 55 männlech an 29 weiblech Verstuerwen. 1980 waren et der nach 1 ~~...~~ respektif 4 Männer, an 1979 waren et, emmer an déem selwechtem Zeitraum, nemmen 49 respektif 15 bei onsen Dammen.

Des Chifferen weisen wé plötzlech an desem Joer d'Zuelen vun de Verstuerwenen erschreckend steigen, mä

Dës Zuelen beweisen awer och dass mat der Gesetzgebung bei fréizeiteger Pensionnéierung, d'Hémecht nemme just versicht erem e besse gudd ze machen ~~vun~~ ~~déer~~ déer Generatioun, déi d'Preise Condamnéiert hat auszestiewen. Mäin Rod als President vun den edf u méng Komeroden wär dén: Esou lang d'Gesondhét et erlabt, soll é seng Arbecht nët opgin. Wann et awer ufängt nët méi ze goen dann nët zécken an séin Dokter opsichen. ~~Hei muss dem Dr iwerloss gin ze beroden an déi richteg Léisung virzeschloen.~~ Leider muss ons Fédératioun an ~~och~~ onsen Service Social oft feststellen, dass och nach Dokteren déi nei Bestëmmungen vum Gesetz vun 1981 net kennen an hir Certificaten net emmer deser Gesetzgebung entspriechen. ~~Heidurch kennen Unannehmlechkéten a Verzögerungen bei der Verschaffung vum Dosier bei de Pensiounsregimer entstoen.~~ Ech mengen et wir dofir ubruecht dass den Dr Majerus hei sénge Kollégen ze ~~geiw~~ beroden respektif ze informéieren. Awer och déi Betreffend selwer sollen a mussen ~~oppassen an~~ eventuell hiren Dokter op déi bestehend ~~Gesetzgebung~~ gesetzlech Bestëmmung opmierksam ze machen.

↳ des Gesetzgebung kennen fir kennen

A wat ~~...~~ wär äre Rod, Dr?

Heino hun d'Bestëmmungen vun déne jeweilegen Pensiounsregimstatuten ge-
gëllt. Erem am Kloertext an am Prakteschen héscht dat: Bei der Alter- an
Invalideversecherung also fir d'Arbechter huet eng Invaliditéit vu minde-
stens 66 2/3 missen nogewise gin. Bei aner Pensiounsregimen ass dat anescht.
Esou war zum Beispill bein den Privatbeamten nemmen eng Invaliditéit vun
50% erfuerderlech. Bei der Eisebunn oder beim Staat huet d'Pensiounscommis-
sioun nemmen breichte festzestellen, dass én net an der Lag wär fir seng
Arbecht ze machen, fir kenne reforméiert gin. Oder bei de freie Beruffer
wéi d'Handwierker oder d'Geschäftsleit huet é missen sei Betrieb opgin an
nach, ouni dass dat formell an de Statute stung, awer 66 2/3 infirme sin.
Mir gesin also dass d'Conditiounen ganz verschidde sin, je nodem wat fir
engem Pensiounsregim en Nazi-Affer ugehéiert huet. Nun haten d'Preise jo
awer nët gekuckt op én Arbechter, Beamten, Bauer oder Geschäftsman war
wéi sie ons verschléft hun an dëi Gesondhétsschued dén duerch d'Verschlé-
fung entstanen ass hat och ké Rapport zum spéiderem Beruff". Et sin also
duerch dës Gesetzgebung grouss Ennerschéder an Discriminatiounen ennert de
Naziaffer entstanen an et ass och firwat d'Fédératioun vun den edf ~~xxxxxx~~
~~xxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxx~~ gleich no 1974 erem en charge
komm ass a mat allem Nodrock an zum Äussersten berét fir des Ongerechteg-
kéten gesetzlech ofzeschafen. Et koum dann dun och zum Gesetz vum 14. Juli
1981, dat Gesetz vum 26. März 1974 a verschidden Punkten emgeännert huet.
Ech géiw dem Dr Majerus, Rapporteur vum dësem Gesetz bieden, d vum medizi-
neschen Standpunkt ausgesin ausernén ze léen firwat a wéi elo d'Conditiounen
fir zu enger fréizeiteger Invaliderent ze kommen sin.

Radio 19. 4. 1982

III

Zum Schluss well ech nach drop opmierksam machen dass bestëmmte Verwaltungen d'Bestëmmungen vum Gesetz vum 14 Juli 1981 net eso applizéeren wé et onser Offassung no misst sin a wé et och vum Gesetzgeber virgesinn ass. Eso ass extra am Artikel I, duerch de Punkt 7, den Artikel 7 vun 1974 completéiert ~~a prezisiert~~ gin, fir eben gewësen Diskriminatiounen tëschend Nazi-Affer aus der Welt ze schafen. Nun interpretéiert awer Direktioun vun der Eisebunn zum Beispill, des Bestëmmung net eso wé de Gesetzgeber sech dat geduecht huet. Dofir huet d'Federatioun vun de edf an dem Senn a Brif un den zoständege Minister vun der Bunn, den Här Barthel, geschriewen an der Hoffnung dass dest am Interêt vun de Betroffenen verbessert gett.

Nach e Wuert fir d'Komeroden dei an d'Préretraite gezwonge gowen. Dat éischt an zwét Joer as d'Préponsion gewéinlech méi gënschteg wé d'Invalidereut mam Complément differentiel. Ass awer de Préretraitéierten och Invalide am Sënn vun deier hei erwähnter Gesetzgebung, eso muss hien onbedengt am Läf vum 3te Joer seng Préponsion an eng Invalidereut mam Zoschloss emwandele lossen. Soss entstinn him wesentlech finanziell Verloschter.

Leider stelle mir ëmmer erem fest dass nach muncher edf net vun all senge Rechter profitéiert an dest well hien net oder schlecht informéiert ass. Natierlech kennt hien dann och net de Bulletin vun den edf: "Les Sacrifiés" oder liesst en net. Ass fleit och net Member vun enger vun ousen Associatiounen Kennt a keng Generalversammlung vu senger Sektioun oder informéiert sech net bei ousem Service Social, all donnerstes nomëttes, zu Lëtzebuerg, 9 rue du Fort Elisabeth. Dat ass bei der Garer Kirch. Dobei stinn esowuel ous Federatiouns-~~komiteesmemberen~~ wé och ous Sektionskomiteesmemberen gäre jiddereugem zu Verfügung. Mir wëlle jiddereugem hëllefen! Genau wé am Krich: ê fir all, an all fir ên!